N°3231
Entrée le 19.12.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 3231 vum 24. November 2025 vum Här Deputéierte Michel Lemaire zum Sujet "Mise en place prolongée d'un radar de chantier sur la N11".**

Den honorabelen Deputéierte stellt Froen zu den Aarbechten op der Nationalstrooss N11 an dem Chantiersradar op däer Plaatz.

*Fro 1: Goufen d'Aarbechten aus deem uewe genannte Reglement mëttlerweil ofgeschloss? Falls net, wéi eng Aarbechte stinn nach aus a wéi erkläert d'Madamm Minister an deem Fall déi laang Phas vun den Ënnerbriechungen?*

Dës Aarbechte goufen op Ufro vum Wirtschaftsministère (Tourismus) ausgefouert, mat dem Zil, d'Sécherheet vun de Wander·er·innen um Auto-pédestre bei der Raschtplaz op der Nationalstrooss N11 substanziell ze erhéijen. An dësem Kontext goufen d'Leitplanke verréckelt a verlängert fir d'Gefor vum direkte Kontakt mat dem Strosseverkéier ze reduzéieren an domat de Risiko vun engem Accident ze minimiséieren.

D'Aarbechten hunn den 22. September 2025 ugefaangen a sinn den 21. Oktober 2025 ofgeschloss ginn. Zu deem Zäitpunkt goufen dann och all déi am genannte Reglement virgesinne Verkéiersrestriktiounen opgehuewen.

Et ass dobäi wichteg ze ënnersträichen, dass d'Dauer vun esou Aarbechten am Virfeld net ëmmer präzis kann festgeluecht ginn. Aus dësem Grond bleiwen déi entspriechend Verkéiersreglementer mat hire jeeweilege Verkéiersrestriktiounen ëmmer bis zum definitiven Ofschloss vun den Aarbechten a Kraaft.

*Fro 2: Firwat kënnt de Chantiersradar op där genannter Plaz duerchgoend zum Asaz, obwuel nëmme wärend enger kuerzer Phas dovun tatsächlech Aarbechte stattfonnt hunn? Bis wéini ass den Asaz vun deem Radar op dëser Plaz virgesinn? Wier de Radar am Sënn vum Schutz vun de betraffene Bauaarbechter net méi effizient op enger Plaz agesat, wou tatsächlech Aarbechte stattfannen, dat op d'mannst fir déi Zäit, wou d'Aarbechten op der N11 gegeebenefalls ënnerbrach sinn?*

D'Chantiersradaren an déi mobil Radare gi duerch d'Police grand-ducale opgestallt. D'Police decidéiert och, op wéi enger Plaz an iwwer wéi eng Dauer esou Apparater agesat ginn. An dësem Kontext ass ze ënnersträichen, dass Chantiersradaren - am Géigesaz zu deem, wat den geleefege Numm vermëttelt – net ausschliisslech op der Héicht vun Stroossenaarbechten ze placéiere sinn. Si kënnen allgemeng do installéiert ginn, wou e verstäerkte Besoin fir Vitesskontrollen identifizéiert gëtt, fir d'Gefor vun héije Vitesse ze reduzéieren an domat de Risiko an d'Wahrscheinlechkeet vun Accidenter ze minimiséieren. Aner Bezeechnungen fir de Chantiersradar sinn deemno "Enforcement Trailer" oder och "Radar-remorque".

D'Police setzt den "Enforcement Trailer" säit e puer Wochen op der Nationalstrooss N11 deemno aus Sécherheetsgrënn an, dat fir de Risiko vun Accidenter ze minimiséieren. Tatsächlech huet eng Analys vun der Accidentologie vun der Police erginn, dass op deem Deel vun der Nationalstrooss N11 an de leschte Joren eng Partie Accidenter waren.

Ee weidere Grond ass, dass de Radar bis ewell nach ni op där Streck stoung, an domat als Sécherheetsmesure fir de Stroosseverkéier gëllt. Den Asaz vun dësem Apparat steet deemno net direkt an Zesummenhang mat engem Chantier.

*Fro 3: Existéiere spezifesch sécherheetstechnesch Ursaachen, firwat de Radar zousätzlech zu deenen zwee fixe Radaren, dem Streckeradar souwéi de reegelméissege mobille Kontrollen iwwert d'Gesamtlängt vun der Streck, ausgerechent op der N11 opgestallt gëtt?*

Op der Nationalstrooss N11 gëtt et just nach de Streckeradar. Déi 2 fix Radaren, déi den Här Deputéierten erwäänt, sinn Deel vum Dispositif vum Streckeradar.

De Grond fir den Asaz vum Chantiersradar ass, wéi an der Äntwert op d'Fro n°2 duergeluecht, d'Suite vun enger Analys vun der Accidentologie.

Lëtzebuerg, de 19. Dezember 2025

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.)Yuriko Backes